Rapport vun eiser Réunioun
vum
21. Abrëll 2016

Présent waren : Simone Frank, Jorge De Sousa, Astrid Kontz-Krause, Claude Kontz, Eliane Krier-Scholler, Sabine Luxen, Eliane Barthel, Danielle Thiry-Blang, Linda Chretien, Elvire Olinger-Ferber

Entschëllegt war : Bettina Vogel, Sophie Dreisbach, Manuela Reuter

Ufank : 19.00 Auer

Porte Ouverte

- Dat war och rem Haapthema vun eiser Versammlung.
- Den Elterecomité mescht en Stand virun dem Agang vun der Cafeteria mat Kuch, Jus, Kaffi, Téi an Schokolasmëllech.
- Den Roll Up an Badgen sinn faerdeg an richteg flott ginn. En groussen Merci un den Jorge, den dat an Hand geholl huet.
- Danielle, Eliane B. an Linda präsentéieren den Elterecomité während den jeweiligen Informatiounsréuniounen.
- Dann hoffen mir datt Porte Ouverte en Erfolleg gett.

Bilan vum Elterecomité

- Cotisatiounen sinn déi meescht lo ran, e puer kommen ëmmer nach en beschen gedrepst. Et ass op jidden Fall festzestellen, datt mir méi Cotisatiounen dëst Joer ran kritt hun, wei 2015. Wat ganz poistiv ass, sou kënnen mir Schüler bei hieren “Voyages éducatifs” besser ënnerstetzen.

Divers

- Eisen Trésorier, den Jorge huet nach eng Propose gemach an zwar:

  Den 16. Oktober 2016 ass den Relais fir d'Organspenden an der Luxexpo vun 10.00 – 18.00 Auer. Droit d'inscription ass 50 €.

- Luxtransplant brauch do den ganzen Dag Hëllef bei der Organisatioun. An firwat net den Elterecomité oder den Schülercomité oder Schüler aus dem Lycée ze froen fir ze hellefen. D'Idie ass gudd ukomm an waert och ausgeschafft ginn.

- Nächst Réunioun ass ***Donneschtes, den 26.05.2016 um 19.00 Auer***

Enn: 21.00 Auer